pas en vente libre / kein freier Verkauf



PLÖTZLICH IST ALLES ANDERS...
ET SOUDAIN TOUT EST DIFFÉRENT...

# Stëmm vun der Strooss

Mars 2013 / N°74

## Editorial

D'Wahrscheinlechkeet am Lotto ze gewannen, läit bei 1 zu bal 140 Milliounen, an awer gëtt och an Zäite vu Wirtschaftskris, Kuerzaarbecht an Aarbechtslosegkeet nach ëmmer gespillt. Et hofft een op säi Gléck a mam Jackpot endlech räich ze ginn, datt d'ganzt Liewen sech ännert.

Datt sech hiert Liewen op sou eng positiv Aart a Weis ännert, hoffen se wäit a breet. Bal kee kann oder wëll sech awer virstellen, datt säi Liewen sech an eng ganz aner, traureg Richtung ännere kann. Vill Gespréicher si mir well zu Ouere komm vu Leit, déi sech iwwert Leit am Chômage, am RMG, an der Invaliderent... opreegen, well et deene jo all sou gutt geet an si alles „hannenera gestach" kréien an näischt dofir maache mussen. Ass dat dann den neien Jackpot? Ech mengen net! Sech ze bekloen an ze mengen, deenen anere géif et besser goe wéi mir, dat läit vläicht wierklech an der Natur vum Mënsch. Et gesäit een dacks net, wéi gutt et engem selwer geet, bis eppes passéiert. Op eemol ass alles anescht…

D'Leit vun der Stëmm vun der Strooss hu vill erlieft an deene meeschten hiert Zil war et net do ze landen, wou si lo ukomm sinn. D'Grënn, firwat sech fir si alles verännert huet, si villfälteg an sou verschidden, wéi d'Leit selwer. Deen een ass vläicht wierklech méi selwer un senger Situatioun Schold wéi deen aneren. Ëm Matleed geet et de Leit aus der Redaktioun net. Si wëllen an dëser Ausgab hir Geschicht verzielen, an der Hoffnung, datt et vläicht deen een oder aneren dovun ofhält, déi selwecht Dommheeten ze maachen, datt et Versteesdemech bréngt oder och, datt et déi, déi et liesen, vläicht rëm méi zefridde mat hirem Liewe mécht.

Vun engem Dag op deen anere kann alles anescht ginn, wann ee krank gëtt. Eng Diagnos vun enger onheelbarer Krankheet verännert och alles. Et läit u jidderengem selwer, dat Bescht draus ze maachen. Nom Interview mat engem jonke Parkinsonpatient stellt sech Parkinson Lëtzebuerg vir, eng Organisatioun, déi sech fir dës Leit asetzt. Do, wou et Hëllef gëtt, kann een sech déi natierlech siche goen, och dozou wëlle mir opmonteren. Sozial Organisatiounen, Selbsthëllefgruppen, Associatiounen, si bidden Hëllef bei deene ganz verschiddenen Themaen am Liewen un.

Heiansdo geet et och duer, wann een amplaz de Clichéen ze gleewen, mat de Leit schwätzt, hinnen nolauschtert an ee probéiert, och wann dat net ëmmer einfach ass, sech an hir Situatioun ranzeversetzen. Op eemol fënnt een dat da vläicht net méi sou flott, wann een op Ënnerstëtzung vu baussen ugewisen ass an et ass ee frou, datt een net alles vun anere kritt (kréie muss).

*Tania Draut*






Que celui ou celle qui sait lire, lise et partage ce journal avec celui ou celle qui n'a pas pu apprendre à lire !

Lieber Leser, teilen und lesen Sie diese Zeitung mit den Menschen, die das Lesen nicht lernen konnten!

# Dossier spécial:

## PLÖTZLICH IST ALLES ANDERS...
## ET SOUDAIN TOUT EST DIFFÉRENT...








Editorial 2

Ofgestierzt 4
Aufgegeben 5
Plötzlich anders... 6
Ein normales Leben 7
D'Rolle vertosch... vun der Readktion an d'Kiche 8
Unschuldig schuldig 9
Interview
mat engem jonke Parkinsonpatient 10
Froen un d'Asbl Parkinson Lëtzebuerg 13
The Seasonal Changes of a Life 15
Hättest du nur... 16
Ëmstellung 18
Zerplatzter Traum 19
Ech hat alles... 20
E Projet mat der Maison Relais vu Mamer 22

COOLtour 24
Klick 25

Info 28
Impressum 28




Rejoignez-nous sur facebook
Join us on facebook
Werde Mitglied auf facebook

# Ofgestierzt



Ech sinn an enger gudder Famill opgewuess an ech hat alles, wat ech wollt.
Ech hat léif Elteren, eng léif Schwëster, gutt Kollegen!
Mat 14 Joer hunn ech ugefaangen Dommheeten ze maachen.
Ech hu mech beaflosse gelooss vu menge Kollegen, an dat ass an déi falsch Richtung gaang.
Duerch meng Dommheeten a well ech mengen Elteren net nogelauschtert hunn, sinn ech vun der Europaschoul geflunn
Meng Elteren hunn x mol gesot, hal op!, mä ech hat gemengt ech wéisst et besser.
Du sinn ech an den L.T.C komm. Do hunn ech ugefaangen ze kiffen a meng Dommheete sinn nach méi schlëmm ginn. Dono sinn ech och aus dem L.T.C geflunn a meng Elteren hunn et mat mir opginn an hu gesot: „Kuck dass du eens gëss".
Ech hätt nimools gemengt, datt et esou wäit géif kommen, mä bon, ech hu missen domat liewen.
Gott sei Dank hat ech do nach meng Frëndin an ech konnt bei hatt wunne goen.
Ech hat och nach eng gutt Aarbecht als Installateur Chauffage-Sanitär, wou ech och meng Léier gemaach hunn.
Wéi ech meng Léier fäerdeg hat, sinn ech entlooss ginn, well ech ze deier gi sinn.
Dono krut ech een C.A.T Kontrakt bei enger Gemeng, mä dat war just fir en halleft Joer.
Ech war och nach zwee Joer bei C.I.G.L an hunn dono bei ProActif ugefaangen.
No fënnef Méint ProActif huet meng Frëndin Schluss gemaach.
Do ass de Misär lassgaangen.
Meng Frëndin huet mech erausgehäit, dat heescht, ech hat keng Adress méi!
Well ech keng Adress méi hat, hunn ech meng Aarbecht verluer.
Dat heescht keng Adress, keng Aarbecht a keng Frëndin méi.
Kuerz gesot, et war geschass.
Ech hat keng Wiel an hu missen op d'Strooss goen.
Do hunn ech dann zwee Joer mat zwee Kollege gewunnt.
Mir hunn eng Zäit ënnert der rouder Bréck gewunnt, do war et naass a kal an der Nuecht, dat war kee Genoss.
Do huet et och ugefaangen, datt den Alkohol eng Roll a mengem Liewe gespillt huet.
Net well meng Kollege gesot hunn, mä well ech de ganzen Dag näischt ze dinn hat.
Mat 18 Joer hunn ech och de Führerschäin gemeet. Mä no engem Joer war de Bong wéinst mengen Dommheete fort. No 2 Joer hunn ech en rëm kritt an hu mussen um Geriicht eng Prolongation de stage ufroen an och déi krut ech. Dunn hat ech 2 Joer Zäit fir op Colmar-Bierg ze goen. Mä ech war op der Strooss a konnt dat dunn net bezuelen. Du war de Bong ganz fort. Sou datt ech lo kee Führerschäi méi hunn a rëm ganz vu vir muss ufänken…
Et war net ëmmer einfach fir dobaussen ze wunnen, well ech hu vill Saache materlieft.
Fir e Beispill ze nennen, krut ech eng Kéier am Wanter, wou et geschneit huet, während ech geschlof hunn, meng Schong geklaut an ech hu misse buerféiss duerch de Schnéi goen. An dat war alles aneres wéi witzeg. Oder ech krut Sauereien op mäi Schlofsak gemaach, wou ech en am Dag verstoppt hunn, an owes hat ech kee Schlofsak méi. Dach, een de voll gekackt war duerch en Idiot, dee wahrscheinlech näischt Besseres ze dinn hat.
Ech hunn och misse schnorre goen (wat ech guer net gär gemaach hunn, well ech vill Leit kannt hunn, déi näischt méi mat mir wollten ze dinn hunn) fir iergendwéi iwwert d' Ronnen ze kommen.
Iergendwann hunn ech agesinn, datt et esou net ka weidergoen an ech hunn ugefaange Suen op d'Säit ze leeën.
Wéi ech ongeféier 500€zesummen hat, konnt ech ufänken erëm eng Wunneng ze sichen.
Do hunn ech e Studio fonnt an ech hat erëm eng Adress.
Ech hunn direkt den R.M.G ugefrot an no annerhallwer Woch krut ech en accordéiert.
Ech hunn ongeféier 1 Joer vum R.M.G gelieft an ech krut d' Flemm domat, well een se muss zeréckbezuelen.
Ech si bei d' Stëmm vun der Strooss gaang an hu gefrot, ob ech fir d'Stëmm ka schaffen.
Si soten „jo" an dunn hunn ech bal 1 Joer Benevol geschafft, wann eppes ze maache war.
Elo sinn ech gutt ënnerwee, ech hunn e Kontrakt bei der Stëmm a kucken elo weiderzekommen.
An ech soen der Stëmm vun der Strooss Merci, datt si mir d'Chance ginn hunn, fir weiderzekommen.

*Wouter*



# Aufgegeben

Ich habe 1980 im Service d'Hygiène gearbeitet und im selben Jahr ein Mädchen kennen gelernt. Während unserer gemeinsamen Zeit, waren wir sehr glücklich miteinander. Nach vier Jahren Beziehung, kam 1984 unsere gemeinsame Tochter zur Welt. Wir waren richtig glücklich und zufrieden eine kleine Familie zu sein. Doch dann kam alles anders. Ihre Mutter fing an sich in unsere Beziehung einzumischen. Ich wusste nicht warum!!! Aber dann machte sie mir immer wieder Andeutungen und versuchte sich immer wieder an mich ran zu machen. Ich habe immer Abstand zu ihr gehalten. Doch irgendwann kam meine Freundin nach Hause, gerade als die Mutter, wieder mal ihre Show veranstaltete. Sie wurde wütend und glaubte mir nicht als ich ihr sagte, dass da nichts sei und nie war. Aber es brachte nichts, denn sie glaubte mir nicht. Wir lebten von da an noch 1½ Jahre aneinander vorbei, bis sie mich schließlich, mit unserer Tochter verließ. Nach Jahren erfuhr ich von ihr selbst, dass sie es nach dem Scheitern ihrer Ehe heraus fand, dass ihre Mutter wirklich so eine falsche Schlange war, und sich an ihren Mann heran gemacht hatte und damals auch an mich. Meiner Meinung nach gönnte die Mutter ihrer Tochter keine glückliche Beziehung, da sie selbst dazu nicht fähig ist.
Nachdem ich verlassen worden war, hatte ich Lust zu nichts mehr und bin nicht mal mehr zur Arbeit gegangen. Irgendwann bekam ich einen Brief wo drin stand, dass sie mich fristlos entlassen und da dauerte es nicht mehr lange bis ich meine Wohnung verlor. Von da an ging es Berg ab. Da ich alles verloren hatte, saß ich auf der Straße und das 3 Jahre lang. In dieser Zeit wo ich auf der Straße lebte, lernte ich einen Mann kennen. Doch wie es sich rausstellte, war er kein guter Umgang für mich, denn es dauerte nicht lange, bis ich auf die schiefe Bahn geriet. Ich war in 2 Überfälle verwickelt und bekam 1 Jahr Gefängnis als Strafe. Das war von 1986 bis 1987.
Als ich 1987 aus dem Gefängnis kam, musste ich als erstes einen Übernachtungsplatz finden, also ging ich ins Foyer Ulysse. Der Sozialarbeiter verhalf mir zu einem anderen Schlafplatz, da im Nachtasyl alles besetzt war. Ich konnte später in eine betreute Unterkunft.
Kurze Zeit danach, verhalf man mir zu einer Arbeitsstelle für 2 Jahre. Es war teils Arbeit und teils Lehre. Danach bekam ich mit Hilfe vom Centre médico-social Arbeit im Rahmen vom RMG. Da gab es noch kein ATI!
Ich habe mich also seit meiner Entlassung mit verschiedenen Arbeiten über Wasser gehalten. Dann bekam ich 2003 eine Arbeitsstelle bei der Stëmm vun der Strooss, wo ich bis 2006 im ATI gearbeitet habe. Nach 3 Jahren bei der Stëmm wurde die Maßnahme vom SNAS und vor allem vom Arbeitsarzt gestoppt. Ich hatte schon seit 2000 den Behindertenpass, wollte trotzdem nicht ohne was zu machen zu Hause bleiben, aber nach einer Weile ging es gar nicht mehr. Ich war nicht mehr arbeitsfähig. Gezwungenerweise musste ich leider jede Arbeit aufgeben. Seitdem lebe ich vom RMG und gehe jeden Tag zur Stëmm vun der Strooss essen.

*Leon*

# Plötzlich anders...



Das Leben besteht aus vielen verschiedenen Phasen, die sich mehr oder weniger überschneiden. Bei manchen sind diese Übergänge so flüssig, dass man sie kaum bemerkt, bei mir war es jedes Mal eher ruckartig, was mich auch ziemlich viel gelehrt hat.
Jeder steht immer vor der Wahl, die seinem Leben eine bestimmte Richtung geben wird. Ob die Wahl richtig oder falsch war, wird sich erst später herausstellen. Ich meine, dass es unser Schicksal ist mal gut, mal schlecht zu wählen. Nichts geschieht umsonst...

## WEG VOM ZUHAUSE

Solange man in der Obhut seiner Familie aufwächst, ist die Welt in Ordnung. Irgendwann wird man erwachsen und muss sein Leben selbst gestalten. Junge Menschen haben viele Träume und in ihrer Naivität glauben sie immer, dass mit starkem Willen alles erreichbar ist. Ich habe mich entschieden, in einem fremden Land meine Zukunft zu gestalten. Dabei hatte ich noch keine Ahnung, wie schwer es wird. Glücklicherweise, sonst hätte ich diesen Schritt nie gemacht!
Plötzlich stand ich ganz alleine weit weg von Zuhause, aber voller Optimismus.
Plötzlich verstand ich die Sprache nicht, die all die Leute um mich herum sprachen.
Plötzlich musste ich feststellen, dass ich von den Gesetzen keine Ahnung hatte.
Plötzlich hat man mir jede Art von Arbeit verboten (Gesetze eben!).
Plötzlich musste ich meine Träume korrigieren...

## HEIRATEN

Wie jedes Mädchen habe ich mir einen Traumprinzen gewünscht. Die Wahl war aber eher begrenzt. Besser gesagt, es gab keine. Sobald ich es festgestellt habe, musste ich diesen Traum aufgeben. Mit der Zeit wird man weniger wählerisch und mit weniger zufrieden. Gott sei Dank, denn sonst hätte ich mein Leben lang suchen müssen!
Plötzlich habe ich mich verliebt (obwohl ich bis heute nicht verstehe, was mir an diesem Mann so gefallen hat...).
Plötzlich durfte ich mit einem fremden Mann zusammen wohnen.
Plötzlich durfte ich meine erste eigene Wohnung so gestalten, wie es mir gefällt (mit finanziell begrenzten Möglichkeiten natürlich).
Plötzlich war ich NUR Hausfrau.
Plötzlich war ich gezwungen, zwischen meiner Familie und meinem Mann zu wählen (die Wahl war leider nicht gut!).
Plötzlich musste ich feststellen, dass der Mann, den ich geheiratet habe NICHTS mit einem Traumprinz zu tun hat...

## MUTTER WERDEN

23 Februar 1991. Ein kleines Wesen, nur 51cm groß und 3550g schwer, hat endlich das Licht dieser Welt erblickt. Damals ahnte ich schon, dass dieser kleine Mann mein ganzes Leben auf dem Kopf stellen wird und freute mich sehr, ihm meine Liebe geben zu können. Stundenlang habe ich ihn beobachtet und versuchte mir vorzustellen, wie er in 10, 20 Jahren aussehen wird, was für ein Mensch aus ihm wird.
Adieu Nächte, die ich ganz durchschlafen darf!
Adieu Freizeit, adieu Egoismus!
Plötzlich bin ich Mutter, was schon so lange mein großer Wunsch war.
Plötzlich ist es meine Pflicht, einen Menschen zu formen, auf den ich in Zukunft stolz sein kann. Wie mache ich das bloß? Kann ich das überhaupt oder bin ich zu dumm dafür?
Ich war nicht zu dumm, aus dem kleinen Mann ist ein wertvoller Mensch geworden. Vor einigen Tagen habe ich gehört, dass ICH eine wunderbare Arbeit geleistet habe. Das macht mich stolz und glücklich. Vielleicht ist es nur eine Illusion, vielleicht wäre auch ohne meine Arbeit bei der Erziehung aus meinem Sohn genauso ein Mensch geworden, aber ich lasse mir diese Illusion nicht weg nehmen...

## WIEDER ALLEINE

24 Jahre lang habe ich gehört, was für eine gute Ehefrau ich wäre, die beste Frau, beste Freundin, beste Mutter. Ein gutes Gefühl, so etwas zu hören. Aber war ich glücklich?
All diese Jahre habe ich nur meine Pflichten erfüllen müssen, über meine Wünsche wurde nur wenig gesprochen und noch weniger unternommen. Ich habe MICH vergessen!
Plötzlich sah ich in meinem Spiegel das Bild meiner Mutter (wann bin ich so alt geworden?).
Plötzlich habe ich mich ohne Freunde und Familie gefunden (aus Angst vor den Eifersuchtsausbrüchen...).
Plötzlich musste ich feststellen, dass ich mich selbst belüge, nur um meine Ruhe und eine Illusion vom Glück zu haben.
Plötzlich war ich erstaunt zu erfahren, dass ich eine Hure wäre und das hat aus mir meine Mutter gemacht!!!
Plötzlich war das Fass voll....

Seit einigen Jahren bin ich wieder alleine. Mein Leben hat sich total verändert und ich bin eigentlich glücklich darüber, auch wenn vieles sich verschlechtert hat, vor allem meine soziale Lage. Das tut wirklich weh, wenn man nur deswegen verachtet wird, weil man sein Leben ausschließlich der Familie geopfert hat, statt an die eigene Karriere zu denken. Ich werde immer wieder daran erinnert, dass ich ein NICHTS bin. O.K. Damit habe ich mich längst abgefunden.

obwohl ?????

*eLKa*

# Ein normales Leben?

**Ich habe immer ein normales Leben geführt.**
**Ich bin arbeiten gegangen, und hatte meine Familie. Wir haben uns immer gut amüsiert.**
**Eines Tages bin ich mit einem komischen Gefühl zur Arbeit gegangen. Ich habe meinen LKW genommen und bin zum ersten Kunden gefahren.**
**Ich fing an abzuladen, und plötzlich hatte ich Rückenschmerzen und konnte mich nicht mehr bewegen. Mein Arbeitskollege hat mich gefragt ob ich Hilfe bräuchte.**
**Ich erklärte ihm, dass ich Rückenschmerzen hätte, worauf hin er sofort Hilfe holte.**
**Ich wurde dann ins Krankenhaus gefahren.**
**Der Arzt hat mich untersucht, und mir dann erklärt, dass ich mir meine Wirbelsäule gerissen habe. Ich wurde sofort operiert.**
**Die Operation hat zwei Stunden gedauert. Danach musste ich noch eine Woche im Krankenhaus bleiben, bevor ich endlich wieder nach Hause durfte.**
**Der Arzt hatte mir empfohlen noch fünf Wochen zuhause zu bleiben.**
**Nach fünf Wochen konnte ich wieder arbeiten gehen, aber das war nicht einfach.**
**Ein Jahr ging alles gut, dann bekam ich plötzlich wieder Rückenprobleme.**
**Ich ging wieder zum Arzt.**
**Mein Chef war nicht sehr froh, dass ich wieder zum Arzt ging.**
**Der Arzt hat mir gesagt, dass ich noch einmal operiert werden müsste. Das hat mich sehr schockiert.**
**Ich wurde also zum zweiten Mal operiert. Aber irgendetwas lief schlecht und ich musste gleich danach noch einmal operiert werden.**
**Ich wachte auf und fühlte mich sehr schlecht. Der Arzt sagte mir, dass ich sehr viel Ruhe brauchte.**
**Sieben Wochen war ich zuhause, bevor ich wieder zur Arbeit gehen konnte. Nach acht Wochen hat mein Chef mich ins Büro bestellt und meinte, dass es so nicht weitergehen könne.**
**Dann blieb ich zuhause.**
**Ich musste schauen, wieder auf die Beine zu kommen und ich habe mir überlegt Hilfe anzunehmen.**
**Ich habe Sozialhilfe angefordert und sie auch bekommen.**
**Es war eine schwierige Zeit. Doch ich hatte Glück im Unglück.**
**Ich habe wieder eine Arbeit bekommen.**
**Ich weiß, dass ich jetzt ein anderes Leben habe und gerade jetzt muss ich aufpassen um nicht wieder arm zu werden.**

*antony*

# D'Rolle vertosch...

## vun der Redaktioun an d'Kichen


Ech schaffe säit Januar 2009 an der Redaktioun vun der Stëmm vun der Strooss. A säit Mäerz 2009 ass d'Stëmm all 2te Weekend fir d'Clienten op, sou dass se dann och kënnen eppes bei eis iesse kommen. Dann ass awer just den Treffpunkt vun der Stëmm op. Dat ass da samschdes an der Stad a sonndes zu Esch, ausser verschidde Feierdeeg, dann hunn se déi 2 Deeg gläichzäiteg op. Da mussen all d'Leit, egal ob se an der Redaktioun, an der Kleederstuff oder an der Kiche schaffen, de Weekend kommen, ëmmer an Equippen zu véier, an de Kichen a Comptoirsleit hir Aarbecht maachen. Ech hu schonn oft an der Kiche geschafft, hunn d'Spull gemeet oder d'Iessen erausginn, mat gekacht, wat jo dozou gehéiert. Mä ech muss éierlech soen, et ass näischt, wat ech op Dauer maache wéilt. Well ech sinn ëmmer frou, wann ech dee Schaffdag de Weekend gepackt hunn.

Ech wéilt net tauschen, ech sinn zefridde mat menger Aarbecht an der Redaktioun. Et gouf eng Zäit, wou déi aus der Kiche gemeckert hunn, dass mir ni géife schaffen an net vill ze dinn hätten, wat awer guer net de Fall ass. Mir schreiwen zwar Artikelen oder tippen Interviewen oder gi Fotoe fir d'Artikelen an eiser Zeitung maachen, mä eis Aarbecht besteet net nëmmen aus schreiwen, tippen oder Biller man! D'Zeitung gëtt jo och iergendwa gedréckt an dann muss se jo och ausgedeelt ginn, an dat maache mir. Et sinn am ganze 6000 Zeitungen a méi wéi d'Halschent gëtt vun eis ausgedeelt. Wa mir Zeitunge kréien, ginn se fir d'éischt fäerdeg gemeet, fir déi Leit, déi eis Zeitungen abonnéiert hunn. Dann deele mir de Rescht aus. Et ass och net grad ohne, well verschidden Adresse kréie bis zu 50 Exemplairen. Dat heescht, eis Weenercher si gutt gefëllt an et kënnt e gutt Gewiicht zesummen. Mir verdeelen och als Sous-traitant Flyeren an all Boîten an dat duerch bal d'ganzt Land.

Dat bedeit also, iwwerall gëtt genuch geschafft. Déi aus der Kichen hunn, wéi ech jo lo och gemierkt hunn, vill ze dinn, si hu just de Virdeel, net bei all Wieder dobausse mussen ze sinn. Wann et riicht era reent oder Schnéi läit, kënnen si awer ëmmer gutt am Waarme sinn, woubäi mir och an deem Wieder dobausse sinn. Egal wéi, d'Aarbecht muss gemeet ginn. Ech weess, wat si vun Aarbecht an der Kichen hunn, dat ass och net ohne! Si mussen sech och vill Gemeckers iwwert d'Iesse vun de Clienten unhéieren. Si ginn awer och gelueft. Ech ka just zu jiderengem soen, ier een sou schnell meckert oder en Urteel fält, muss ee sech emol fir d'éischt d'Saach méi genau ukucken. Da kann een sech vläicht erlaben, seng Meenung ze äusseren.

Beim Iesse kréien d'Kanner jo och gesot, probéier fir d'éischt ier s de sees, ech hunn dat net gär oder et schmaacht mir net. An esou gesinn ech et och hei.

*Cocoon*



© photocase.com / swell

# Unschuldig

## Schuldig

Ich habe lange überlegt, ob ich diese Geschichte erzählen soll oder nicht, da ich nicht sehr gerne darüber rede, aber ich habe mich entschlossen es zu tun, um euch zu zeigen wie schnell man unschuldig für etwas zur Verantwortung gezogen wird. Eben nur weil es gerade so gut gepasst hat.

Von 1999 bis 2002 habe ich in einem Supermarkt gearbeitet. Ich habe Bestellungen geliefert an Kunden, die alle in der Gegend vom Supermarkt waren. Ich machte das zu Fuß. Es war nicht unbedingt ein Traumjob, denn man war bei Wind und Wetter draußen und manche Kunden waren mitunter auch unangenehm, aber im großen Ganzen war ich zufrieden. Es war gut bezahlt und bei verschiedenen Kunden gab es auch Trinkgeld. Die meisten Kunden bezahlten per Überweisung und andere bezahlten bar. Dieses Geld gab ich dann am Ende des Tages in einen Briefumschlag an einer Kasse ab. Bis eines Tages plötzlich der ganze Umschlag fehlte. Ich weiß nicht mehr wie viel Geld es war, auf jeden Fall war der ganze Umschlag weg. Natürlich kam man sofort zu mir, da ich ja der Mann mit dem Umschlag war. Ich weiß bis heute nicht, was mit diesem Umschlag geschehen ist. Nachdem ich ihn an der Kasse abgegeben hatte, war es mir auch gleich, was sie damit machten. Das ging mich nichts mehr an. Und das sagte ich ihnen auch: „Ich habe den Umschlag abgegeben und was danach geschieht weiß ich nicht." Danach wurde einiges geändert. Jetzt musste ich jedesmal wenn ein Kunde bezahlt hatte, das Geld sofort abliefern. Das tat ich auch. Einige Zeit blieb es auch ruhig und plötzlich fehlte wieder eine Summe. Der Umschlag war in der Kasse, aber es fehlten ungefähr 300 Euro. Wieder wurde ich gerufen, und man verdächtigte mich, das Geld nicht abgegeben zu haben. Ich wiederholte das Gleiche, was ich zuvor schon gesagt habe. „Nachdem ich das Geld an der Kasse abgebe, weiß ich nicht was damit passiert und ich will es auch gar nicht wissen." Aber diesmal glaubte man mir nicht mehr. Ich hatte das Geld, folglich hatte ich es auch gestohlen. So einfach war das damals. Ohne Beweise, ohne nichts. Sie riefen sogar die Polizei, weil sie unbedingt wollten, dass ich den Diebstahl gestehe. Es gibt nichts peinlicheres (zumindest für mich) als im Beisein meiner damaligen Arbeitskollegen, mit der Polizei zu reden und denen zu erklären was genau passiert war. Das Ende vom Lied war, dass ich nach drei Jahren, in denen ich mir nichts zuschulden kommen ließ, entlassen wurde. Man ließ mir sogar schriftlich durch einen Anwalt (zu dem ich auch des Öfteren Sachen geliefert hatte) den Grund mitteilen, warum ich entlassen wurde: wegen Vertrauensmissbrauch. Ich hatte das Gefühl, ich wäre in einem Albtraum. Ich wurde zu einem Kriminellen abgestempelt, obwohl ich überhaupt nichts Falsches gemacht habe. Ich hatte das Glück, dass zumindest meine Familie hinter mir stand. Meine damalige Freundin glaubte den Anschuldigungen. Auch wenn sie etwas anderes behauptete, merkte ich es an ihrem Verhalten. Das war das allerschlimmste für mich. Dass nicht einmal meine Freundin mir vertraute und allen Ernstes annahm, ich wäre ein Dieb. Aber auch andere Leute glaubten es. Leute, die ich Freunde nannte. Jetzt stand ich also da: ohne Arbeit und ohne Einkommen. Ich zog mich immer mehr zurück. Ich hatte das Gefühl, dass alles und jeder gegen mich ist. Ich weiß auch, dass ich damals Leute vergrault habe, die es eigentlich gut mit mir meinten und auf meiner Seite waren. Das tut mir heute sehr leid und wenn ich es ungeschehen machen könnte, dann würde ich es tun.
Alle Versuche, eine andere Arbeitsstelle zu finden, schlugen fehl, denn immer wieder kam die Frage: „Wo haben Sie vorher gearbeitet und warum haben Sie dort aufgehört?" Wenn ich dann ehrlich antwortete, war es schon vorbei, bevor es angefangen hat. Also ließ ich mir etwas anderes einfallen, und sagte, dass ich gekündigt hätte, weil mir das Arbeitsklima nicht gefallen hätte. Aber ich nehme mal an, dass sie immer wieder dort angerufen haben, um sich über mich zu informieren, denn ich habe nie wieder etwas gehört.

Etwa zwei Jahre später begegnete ich durch Zufall jemandem, der auch in dem Supermarkt arbeitete und ich erfuhr, dass nach mir noch zwei Leute entlassen wurden, aus genau demselben Grund wie ich. Und einer davon war der stellvertretende Geschäftsführer. Ich habe keine Beweise, aber ich bin mir sicher dass er es auch damals gemacht hat. Er hatte, im Gegensatz zu mir, die Gelegenheit dazu.

Ich habe, nach meiner Entlassung, nie wieder etwas von der Sache gehört und ich bin auch froh darüber. Je mehr man im Mist rührt, umso mehr stinkt es. Und wie ich die Verantwortlichen im Supermarkt kenne, würden sie sich eher die Zunge abschneiden, als zuzugeben, dass sie mit mir den Falschen verdächtigt haben.

Es hat sehr lange gedauert, bis ich endlich wieder einigermaßen auf die Beine kam. Jetzt bin ich seit zwei Jahren bei der Stëmm und ich bin dort auch sehr zufrieden, denn dort wird man als Mensch behandelt.
Ganz egal was vorher war.

*Patrick*

# Interview

## mat engem jonke Parkinsonpatient

- **Wéi laang sidd Dir Parkinson-krank an ass dat lues a lues komm?**
Ganz genau weess ech et net. Et sinn elo dräi Joer, dass et festgestallt ginn ass. Virdru war ech awer véier Joer laang geplot mat Péng am Réck an sou weider. Ech si vun engem Dokter bei deen anere gelaf an et konnt kee mer hëllefen. Bedéngt doduerch, dass ech net méi al sinn, ass net wierklech een op de Gedanke komm, dass et dat kéint sinn, well et eben extrem rar ass, dass jonk Leit dat kréien. Deen ee sot, et wier e Burnout, en anere sot, et wieren Depressiounen. Ech sinn also véier Joer net behandelt ginn, ech krut keng Medikamenter, wouduerch d'Krankheet weidergaangen ass, bis si et op eemol festgestallt hunn.

- **Wéi al sidd Dir elo?**
Ech hu 34 Joer.

- **Kënnt Dir eis d'Krankheet e bëssen erklären?**
Et ass en Dopaminmangel am Gehir. Bei mir ass et déi lénks Säit, wou ech meng Problemer hunn. Meeschtens sinn et al Leit, déi et kréien. Et ziddert een, et ass een ageschränkt an de Beweegungen. D'Muskele verkrampfen sech a verspanen sech an déi loossen net méi labber. Déi meescht Leit hunn et op zwou Säite gläichzäiteg a bei mir ass et, wéi gesot déi lénks Säit. Doduerch, dass ech Rechtshänner sinn, hunn ech d'Chance, dass ech mam rietsen Aarm a mam rietse Been villes kompenséiere kann.

- **Wéi huet d'Krankheet sech bemierkbar gemaach?**
Et ass eigentlech esou komm, dass ech joerelaang ëmmer Verspanungen am Réck hat. Ech sinn an d'Massage gaangen, mä dat huet net wierklech gehollef. Et huet gehollef esoulaang wéi d'Muskelen entspaant waren, mä eng Stonn drop war et erëm genau d'selwecht. Op der Aarbecht hunn ech gemierkt, dass ech den Aarm net méi richteg an d'Luucht kritt hunn. Besonnesch wann et emol méi stresseg war. Dat ass och eppes, wat ee bei där Krankheet net verdréit. Wann een ze vill gestresst ass, da blockéiert alles an da geet guer näischt méi. Ech hunn da gemierkt, dass ech mäi lénkst Been nogeschleeft hunn. Ech konnt et net méi richteg beweegen. Och beim Autofueren a besonnesch beim Motorradfueren ass et mer opgefall. Ech war net méi esou flexibel, net méi esou beweeglech. Am Auto krut ech mam lénksen Aarm d'Dier net méi zou, ech hu meng lénks Hand musse mat der rietser Hand op d'Steierrad leeën, well ech den Aarm net méi konnt ophiewen.

- **Wat war Är Reaktioun op déi Diagnos? Wat ass Iech duerch de Kapp gaangen?**
Den éischte Moment war et e Schock. Dat ass jo verständlech, wann s du gesot kriss, dass du eng onheelbar Krankheet hues. Wann s du dann no enger Zäit doheem bass, dann denks du driwwer no, wéi et elo weidergeet, ob et iwwerhaapt weidergeet, du denks iwwert de Rollstull no... Et ginn der vill Saachen duerch de Kapp. Et ass den éischte Moment net einfach. Well normalerweis denkt een net esou driwwer no. Et sinn ëmmer déi aner Leit, déi et kréien. Eeler Leit. Mä wann een dann op eemol selwer betraff ass, da fänkt een awer u mat grübelen.

- **Wéi geet Är Famill domat ëm a wat war hir Reaktioun?**
Fir si war et sécher och e Schock an awer och, ewéi fir mech selwer, eng gewëssen Erliichterung, well et endlech eng Erklärung gouf, fir dat, wat ech hunn. Virdrun hat ech jo keng Erklärung dofir. Ech sinn owes vun der Aarbecht komm, an da war de Rimm erof. Ech konnt guer näischt méi maachen. Soss hunn ech a menger Fräizäit nach ëmmer eppes doheem gemaach, mä do war guer net méi drun ze denken. Si hunn sech bestëmmt och Gedanke gemaach, déi si mir net gesot hunn, fir mech net nach méi krank ze maachen. Et war natierlech och net einfach déi éischt Zäit. Weder fir meng Frëndin nach fir d'Famill am allgemengen. Mä doduerch, dass ech awer motivéiert sinn, géing ech soen, dass mer awer relativ gutt domat eens ginn. Si wëssen elo, wéi et mat mir ass an si akzeptéieren dat och. Si ënnerstëtze mech esou gutt wéi se kënnen an dat deet gutt.

- **Musst Dir vill Medikamenter huelen, déi Iech hëllefen den Alldag ze iwwerstoen?**
Et gi gutt Medikamenter. Doduerch, dass déi Krankheet bei ville Leit virkënnt, gëtt se och vill ënnersicht an et ginn och vill nei Saachen entwéckelt. An dat ass meng Chance. Well ouni Medikamenter géing bei mir guer näischt méi goen. Wann ech mueres meng Medikamenter net geholl hunn, da kréien ech den Aarm net beweegt, ech kréien d'Been net an d'Luucht an dann zidderen ech och. Ech muss d'Medikamenter all véier Stonnen huelen. Déi hunn och zimlech extrem Niewewierkungen. Ech hunn d'Chance, dass ech se verdroen. Vill Leit verdroen se nämlech net. Niewewierkunge sinn zum Beispill Kappwéi. Ech hunn also ouni ze drénken all Dag en décke Kapp. Am Ufank hunn ech gemengt, et géing een sech net dru winnen, mä mat der Zäit gewinnt een sech awer drun.

- **Wat géing geschéien, wann Dir d'Medikamenter net géingt verdroen?**
Wann ech se net géing verdroen, da wieren nach e puer aner Méiglechkeeten do. Zum Beispill aner Medikamenter. Mä ob ech déi géing besser verdroen, ass och net sécher. Eng aner Méiglechkeet wier den Hirnschrittmacher.

- **Braucht Dir Ënnerstëtzung vu baussen oder gitt Dir alleng eens?**
Ech gi relativ gutt alleng eens. Mä wann iergendee vun der Famill bei iergendeppes hëlleft, dat ass och ëmmer wëllkomm. Ech hunn och verschidden Zäiten, wou et mir méi schlecht geet, wou dann en Deel vun der Famill mech ënnerstëtzt.

- **Wéi ass Äert Liewe virun der Krankhee verlaf?**
Virun der Krankheet sinn ech ganz aneschters mat mir ëmgaangen. Ech hat eng aner Relatioun zu der Gesondheet. Ech muss éierlech soen, dass ech weider ni vill no menger Gesondheet gekuckt hunn. Esoulaang een eng gutt Gesondheet huet, mécht een sech net vill Gedanken. A wann d'Gesondheet bis am Eemer ass, dann iwwerleet een sech, dass ee muenches dach besser aneschters gemaach hätt. Ouni sécher ze wëssen, ob dat iergendeppes geännert hätt.

- **Huet sech Äert Liewen no der Diagnos verännert? Wéi huet et sech verännert?**
Et huet sech an där Hisiicht verännert, dass ech nëmmen nach hallef schaffen. Ech hunn e bësse méi e geregelt Liewen ewéi virdrun. Verschidde Saache ginn net méi esou gutt. Wann ech zum Beispill eppes doheem schaffen, da sinn ech herno erleedegt. Da kann ech owes net méi erausgoen. A wann ech owes erausginn, da kann ech näischt doheem maachen. Meng Deeg sinn am Fong méi kuerz ewéi fréier. Ech liewen e bësse méi bewosst. Wann d'Gesondheet net méi matspillt, da mierkt een, datt dat dat Wichtegst ass.

- **Wéi reagéieren d'Leit op Är Krankheet?**
Dat ass ganz ënnerschiddlech. Ech kann net jidderengem erklären, wat ech hunn. Ech hat eng Kéier e Fall op der Aarbecht, dass ech mech net richteg beweegt kritt hunn, do huet eng Fra zum Patron gesot, ech hätt gedronk an ech wier voll. Natierlech woussten si op der Aarbecht, dass dat net wouer wier, mä et geet engem trotzdem no. Ech probéieren ëmmer fir d'Zidderen ze ënnerdrécken, mä et geet net ëmmer. Et gëtt och Leit, déi mech drop uschwätzen, dass ee mir näischt ofgesäit. Ech probéieren alles ze maachen, fir dass d'Krankheet net viru geet, mä besonnesch wann's du gestresst bass oder wann's du d'Gefill hues, dass vill Leit dir nokucken, da geet et net. Ech war d'lescht Kéier an engem Geschäft, ech stoung an der Keess an ech hunn op eemol ugefaange mat zidderen. Et war esou staark, dass ech net méi fäeg war meng Artikelen an d'Tut ze stiechen. Bezuelen, d'Mënz eraushuelen, dat alles war mer iergendwéi ze vill. D'Caissière huet mir dunn alles agepak an do muss ech da soen: all Respekt. Déi Leit, déi wëssen, wat ech hunn, déi akzeptéieren et esou wéi et ass.

- **Hutt Dir Matleed mat Iech selwer?**
Ech bedauere mech net selwer, well et mécht een sech keen Notzen domat. Ech hu mer gesot, ech muss no vir kucken an dat Bescht draus maachen. Ech gesinn dat net esou tragesch. Am Ufank huet et mir awer vill ausgemaach.

- **Sidd Dir der Meenung, dass op deem Gebitt genuch gefuerscht gëtt?**
Ech denke jo. Doduerch, dass vill Leit dat am Alter kréien, ginn et relativ vill Medikamenter. Et ass zimlech rar, dass Leit a mengem Alter dat kréien. Ech mengen hei zu Lëtzebuerg sinn der ausser mir nach zwee a mengem Alter, déi et hunn.

- **Ginn et Krankheeten, déi ähnlech sinn, an déi ähnlech Symptomer hunn?**
Et gi méi Krankheeten, déi ähnlech sinn.



Multiple Sklerose zum Beispill. Vill Leit déi dat hunn, kréien sech och schlecht beweegt. Et ginn och nach aner Krankheeten, déi déi Symptomer hunn, mä ech kennen se net all.

- **Den Muhammad Ali an den Jean Paul II hunn oder hate jo och Parkinson. Kritt een dann och genuch gehollef, wann een net räich ass oder zu esou berühmte Leit gehéiert?**
  Ech muss soen, dass een hei zu Lëtzeburg a Punkto Krankekeess Chance huet. All meng Medikamenter, déi ech hunn, kréien ech vun der Krankekeess bezuelt. Déi si relativ deier. Ech hunn och soss vill Onkäschten. Wann ech an d'Massage ginn asw. Dat gëtt net vun der Krankekeess bezuelt. Ech maachen dat vu mir aus, fir dat Ganzt ze verbesseren. Et gëtt och Parkinson Lëtzebuerg, wou een och gehollef kritt. Do gëtt et och eppes fir jonk Leit, déi Parkinson hunn. Do kann een zum Beispill boxe goen. Ech sollt dat och ëmmer maachen, mä well ech aus dem Norde sinn a si alles am Süden hunn, ass dat fir mech en ze grousse Trajet, sou dass ech dat doheem maachen.

- **Beaflosst d'Krankheet d'Liewenserwaardung?**
  Ech hoffen net. Eigentlech net, nee. Et ass heiansdo batter, et muss een heiansdo op d'Zänn bäissen, mä normalerweis net.

- **Wéi ass den normale Krankheetsverlaf? Gëtt et méi schlëmm oder bleift et, ewéi et ass?**
  Am Normalfall gëtt et méi schlëmm. Mat den neie Medikamenter hoffen ech net.

- **Kann een d'Krankheet verzögeren?**
  Et kritt ee Medikamenter. Ech hunn eent, wat nach ganz nei ass. Do sinn se sech awer nach net sécher, ob dat d'Krankheet stoppt. Eventuell verzögert et se. Eventuell stoppt et se. Bei mir ass et momentan stabil an ech hoffen dass et esou bleift.

- **Ass et net riskant Medikamenter ze huelen, déi nach net bekannt sinn?**
  Si gi jo getest. Et ginn och Leit, déi ganz schlëmm Parkinson hunn, déi kréien dann eppes ewéi en Hirnschrittmacher. Mäin Dokter huet mir am Ufank och esou eppes gesot, well ech gesot hunn, et géing einfach net besser goen an ech kéint esou net liewen. Do huet een dann eng Batterie am Broschtberäich an et geet e Kabel erop an de Kapp an den Apparat mécht dann déi Impulser, déi net méi vum Gehir kommen. Wann een da méi zziddert, dann dréckt een op Plus oder Minus, fir dat optimal anzestellen. Mä dat ass natierlech ëmmer e riskanten Agrëff. Si soten am Normale wier kee Risiko derbäi, mä ech duecht mer, éier dass si a mengem Kapp operéieren, hoffe mer, dass et esou geet. Ech hoffen alt ëmmer, dass se iergendwann entweder en anert Medikament oder eng aner Léisung fannen, wou net muss operéiert ginn, well d'Folge vun der Operatioun kennen se och nach net genau.

- **Hutt Dir och selwer iwwert d'Krankheet recherchéiert?**
  Ech hu mech am Internet informéiert, well ee jo net wierklech weess, wat et ass. Et héiert een heiansdo vu Parkinson, mä e richtege Begrëff huet een net dovun. Am Internet steet och villes, wat dech net wierklech opbaut. Vill negatives. Et ginn och eenzel positiv Informatiounen, awer méi där negativer. Ech hunn herno domat opgehalen am Internet ze recherchéieren, well et mécht een sech selwer krank domat.

- **Wëssen d'Leit genuch iwwert d'Krankheet? Gëtt genuch driwwer geschwat?**
  Ech weess et net. Déi Leit, déi et hunn, déi informéieren sech. Déi, déi et net hunn, deenen ass et zum grousse Deel egal, géing ech soen. Et ass ewéi bei villem. Et betrëfft een eréischt dann, wann e selwer betraff ass.

- **Ass et verierfbar?**
  Et ass verierfbar. Mä dat ka ganz vill Ursaachen hunn. Et weess kee genau, duerch wat dass et kënnt. Dat kann en Defekt an de Gene sinn, déi een entweder vun der Mamm oder vum Papp kritt huet. Et kann och duerch Ëmweltgëfter kommen. Et kann duerch Stress ausgeléist ginn, et gi vill Ursaachen.

- **An Ärer Famill ass awer keen?**
  Net direkt, neen. Si mengen awer, dass meng Groussmamm et kéint gehat hunn. Mä si krut et mat ausganks siwwenzech, uganks achtzeg.

- **Maacht Dir Iech Gedanken doriwwer, wann Dir selwer Kanner hutt?**
  Eventuell jo. Do kann een och Tester maachen, mä et mécht een sech ëmmer Gedanken. Mä wann een sech ze vill Gedanke mécht, da mécht een sech verréckt.

- **Wéi reagéieren d'Leit, wann Dir ziddert?**
  D'Leit kucke villäicht. Et ass ewéi mat all Behënnerung. Déi eng soen näischt, anerer froen, firwat dass een esou ziddert.

- **Och friem Leit?**
  Nee, friem Leit net. Déi kucken éischter.

- **Ass et schlëmm fir Iech, doriwwer ze schwätzen?**
  Nee, et ass net schlëmm. Egal wat et ass, wann's du driwwer schwätze kanns, da bass du schonn e Stéck méi wäit.

- **Hutt oder hat Dir keng Angscht, dass Är Frëndin Iech géing verloossen?**
  Ech sinn op deem Punkt, wou ech soen, dass ech och alleng eens ginn. A wann hatt wëll goen, da muss hatt goen. Mäi Liewen géing trotzdem virugoen. Ebe well ech no vir kucken. Mä natierlech ass et besser esou.

**Merci villmools fir dat intressant Gespréich!**

# Froen un
## d'Asbl Parkinson Lëtzebuerg

**WAT ASS PARKINSON?**
Parkinson, och Morbus Parkinson genannt, ass eng bis haut onheelbar neurologesch Krankheet. Déi haaptsächlech Symptomer besti bei der Kierperbeweegung „motoresch Symptomer„ genannt. Dat am däitlechste sichtbaart Symtom ass d'Zidderen (Tremor). Desweidere ginn et Symptomer wéi Depressioun, Schlofstéierungen, Schmäerzen, Angscht a Middegkeet a weiderer déi als „net motoresch Symptomer „ bezeechent ginn.
Weltwäit ginn et 6,4 Millioune vun der Parkinson-Krankheet betraffe Leit.
10% vun de Betraffenene si bei der Diagnos ënner 50 Joer.
Parkinson verännert d'Liewen, ass ower net liewensgeféierlech.

**HAAPTSYMPTOMER**
D'Symptomer vun der Parkinson-Krankheet si bei jidderengem anescht. Si kënnen sech bei enger Persoun vun Dag zu Dag, vu Stonn zu Stonn souguer vu Minutt zu Minutt veränneren.

Déi wichtegst motoresch Symptomer sinn:

**1. TREMOR (ZIDDEREN)**
Kann Hänn a Féiss betreffen. Den Tremor ass am stäerksten, wann de Betraffenen sech ausrout. E gëtt besser, wann eng bewosst Beweegung gemat gëtt. Net all Zidderen ass Parkinson an net all Betraffenen ziddert.

**2. RIGOR (STEIF MUSKELEN)**
Schwieregkeete fir ëmzedréie beim Goen, beim Opstoe vun engem Stull, beim Ëmdréien am Bett oder bei feine Fangerbeweegunge si méiglech. D'Haltung no vir gebéckt a Problemer mat der Mimik kënnen optrieden.

**3. AKINESE (BEWEGUNGSVERAARMUNG)**
Dëst Symptom mécht d'Ausféiere vu Beweegungen zu enger Erausfuederung, wat zu Schwieregkeete bei méi feine motoreschen Aufgabe féiert. Wéi z.B. eng Blus zouknäppen, Schong strécken oder Iesswuere schneiden. Och d'Handschrëft gëtt méi lues a méi kleng.

Ugoen, durch eng Dier goen oder wann et enk gëtt (Keess am Supermarché z.B. ) kënnen zum Problem ginn. (freezing/peche bleiwen)

**WEIDER SYMPTOMER**
Oft triede Kommunikatiounsproblemer op. D'Sprooch, de Gesiichtsausdrock, d'Kierpersprooch an d'Handschrëft si bei ville Betraffene gestéiert. De Gesiichtsausdrock an d'Kierpersprooch sinn ower wichteg Kommunikatiounsmëttel, wëll se eis Emotiounen erëmginn an d'Kommunikatioun mat aneren erliichteren. Well de Gesiichtsausdrock manner liefhaft an d'Kierpersprooch bedeitend manner ass, gi Mënsche mat Parkinson oft mëssverstan. Et gi Betraffener, déi soen, si kënnen no baussen net weisen, wat se bannena fillen.

**WAT SINN D'URSAACHE VUN DER PARKINSON-KRANKHEET?**
Eis Beweegunge gi vun Nervenzellen am Gehir gesteiert. Fir Beweegungen auszeléisen, leeden d'Zelle mëttels Neurotransmitter Botschaften un aner Zellen an un de Rescht vum Kierper. Bei der Parkinson-Krankheet ginn dës Botschaften ënnerbrach an net stéierungsfräi un d'Muskele weidergeleet. Wat zu Problemer bei der Kontroll vun de Beweegunge féiert. D'Botschafte kënne wéint engem Mangel un Dopamin, engem Neurotransmitter fir Beweegungssteierung net reibungslos iwwerdroe ginn. Dat féiert zu den typesche Parkinson-Symptomer
Bis haut konnt nach net gekläert ginn, firwat Dopamin produzéierend Zellen dezimèiert ginn. Et geet een dovunner aus, datt méi Faktoren dofir verantwortlech sinn. Aktuell Fuerschungen ënnersichen Alters-genetisch- an Ëmweltfaktoren, souwéi Viren. Et ass och bis haut net gewosst, firwat déi eng Mënsche Parkinson entwéckelen an anerer net.

**WOUSST DIR?**
D'Parkinson-Krankheet ass nom James Parkinson, engem Londoner Dokter, benannt, deen 1817 fir d'éischte Kéier d'Symptomer vu Parkinson ganz genau beschriwwen huet. En huet se „Schüttellähmung" genannt. Seng Pionéieraarbecht bei der Identifizéirung an der Beschreiwung vun der Krankheet huet Dokteren opmierksam gemaat. D'Krankheet ass säit Honnerte vu Joere bekannt, allerdéngs ass se réischt am 19. Jorhonnert Parkinson-Krankheet genannt ginn.

**WÉI GËTT PARKINSON BEHANDELT?**
Obwuel d'Behandlungsméiglechkeeten sech bestänneg verbesseren, waren d'Fuerscher bis haut net an der Lag, e Mëttel ze fännen, fir Parkinson ze vermeiden oder ze heelen. D'Symptomer kënnen ower wierksam kontrolléiert ginn. Heefeg gëtt eng Kombinatioun aus Medikamenter, konventionellen Therapien (z.B. Physiothérapie, Ergothérapie, Logopädie) chirurgesch Behandlungen, wéi „déif Hirstimulatioun", Duo-Dopa Pompel agesat.
Et gëtt verschidden Aarte vu Parkinson Medikamenten. Déi geleefegst sinn Levodopa, Dopaminagonisten, Catechol-O-Methyltransferase (COMT)-Hemmer a Monoaminoxidase B (MAO-B)Hemmer. Well all Parkinsonpatient aner Symptomer huet, gëtt et keng eenzeg optimal Behandlung. Regelméisseg Upassung vun de Medikamenter ass noutwenneg, well d'Symptomer ännere kënnen.

Parkinson Lëtzebuerg, eng asbl d'utilité publique, gouf 1991 gegrënnt.

Parkinson Lëtzebuerg ass e Grupp, dee versicht all betraffe Leit an hir Begleetpersounen an enger Gemeinschaft ze vereenegen, fir hir Interesse besser vertrieden ze kënnen.

D'Haaptziler vun der Organisatioun sinn de Kampf géint d'Parkinson-Krankheet an hir Förderung um wëssenschaftlechen, medizineschen a soziale Plang.

D'Memberschaft bei der europäescher Parkinson Vereenegung erlaabt eng gutt Versuergung mat aktuellen Informatiounen. Eng gutt Zesummenaarbecht mat aneren europäeschen Organisatioune bitt d´Geleeënheet interessant Projete kennen ze léiren an se u Lëtzebuerg unzepassen. Projeten op europäeschem Niveau gi vu Parkinson Lëtzebuerg ënnerstëtzt.
**EIS ZUKUNFT**

„CENTRE DE RENCONTRE PARKINSON" „LA TULIPE" vum Mäerz 2013 un zu Leideleng, Domaine Schaefert 16, rue des Champs

* aktuell, liicht verständlech an absolut vertrauenswürdeg Informatiounen
* un d'Krankheet ugepassten Aktivitéiten, Atelieren, Selbsthëllefgruppen fir all Alter a Stadium vun der Krankheet fir Betraffener a Begleetpersounen
* Formatiounen
* Ënnerstëtzung vun der Fuerschung
* Programm
* Zeitung 2x am Joer

Parkinson Lëtzebuerg gëtt ënnerstëtzt vun der Société luxembourgeoise de Neurologie, Kinésithérapeuten an anere Professionellen, mat speziellem Interessi un der Parkinson-Krankheet.

PARKINSON LËTZEBUERG asbl
B.P 1348
L-1013 LUXEMBURG

tél.: 23 69 84 51
fax.: 23 69 84 97
e-mail: info@parkinsonlux.lu
www.parkinsonlux.lu

BCEE IBAN LU15 0019 5503 7294 9000



# The Seasonal Changes of a Life

To have your comfortable life changed, starts from the day when you leave your mothers apron strings and start to go to school alone. I was lucky enough to attend the same catholic Primary School for 8 years without having to change schools or friends. Due to my mothers fight for survival and her battle with cancer while I was going to high school, I had to change schools. The medical and hospitalization costs were increasing and our family had no choice but to switch from going to a semi-private High School to attend the local Public High School. My older sister and myself went to school in the immediate vicinity of our house. I knew it was because of the financial burden of the transport costs, the high cost of intuitions, uniforms, school books and but mostly, it was because my presence at home would be required. I was the first-born son of a fire-man, and we had a family of 5 children.

After the death of my mother when she was 39, I left the family home, only to return a few months later to my hometown. That is where and when I decided to finish high school, no matter what, without the assistance of a family and friends, and I found a way to support myself by working the afternoon shifts in printing companies and I had no choice but to head to the big city, commonly called the Little Apple (Toronto, Ontario)

Going to school, working in a printing company and on weekends I had a part-time job with a moving company, which in turn, gave me the funds necessary to support myself, comfortably... all at the ripe age of 17. Life was easier then because in those days, jobs were everywhere and anywhere. If you did not like your job, you just left it and started working somewhere else. Same thing with new friendships, if you don't like it, leave it. You can choose your friends but you cannot choose your family.

So, with High School finished and a 2 year apprenticeship as Reprographicer / Offset printer behind me and completed at the age of 20, I worked hard for awhile for good money; for I knew I would be travelling soon and doubted if I would be coming back. A few months later my father died suddenly and quickly at the age of 42 while working overseas, which left me no choice. The last of the chains holding me to my motherland was broken and I knew then, that this would be a one-way trip to somewhere...anywhere. First stop, the Caribbean and South America, then back to the ice-hard streets of Toronto, but not for long.

Since my roots in my hometown of over a thousand waterfalls (Hamilton, Ontario) have mostly died out and most of my family are withering in Canadian soil, I decided it was about time to hit the road; inside I knew it was now or never. As I know and have traveled my homeland Canada, from coast to coast, and I have seen and driven all over the United States of America from north to south since a child, I decided to start crossing the oceans. First stop over the Atlantic was to Luxembourg; later I spent some time in England, but I knew then that I would not like to live in a monocultural society. After 2 years of city, country, ocean and sea hopping, I finally settled down, here in Luxembourg and made my own roots, mainly due the arrival of a good job, twin boys and a hard working wife. A good start in changing a previous lifestyle. That was a sudden change that even surprised me at the age of 23, and was accepted like a breath of fresh air. Going from being an orphan, to being a family man, is kind of like being a rebel who is coming from a Winter Wonderland of Life and being thrown straight into the warm, lovely Spring weather of Life. Years went by and lives, friendships and family turned to different roads as time goes on. The summer season of middle-life was soon to come to an end; you notice this as your hair begins to turn grey, you become weaker and your face and heart wear new scars.

A good printer, painter and I have a wide knowledge of machinery, I am glad to be able to have the talent to drive and maintain machines such as: cars, trucks, fork-lifts, tractors, snow-mobiles, motorcycles, boats, chain-saws, industrial carpet/floor cleaners, printing presses, industrial brake-presses, etc... but my heart was always in Offset Printing and mastering the work one can do with a Heidelberg GTO. With the modernization of the printing industry, by having the use of computers, this resulted in a system that would enable companies to go from computer, directly to the printing press. The amount of human resources needed was drastically reduced with one quick stroke and even a few of these professions became redundant, never to be needed again. They became history. Summer is over...and here comes the bitter taste of the Fall.

As with every Fall, especially after a hot summer.... when it rains, it normally pours and things begin to get foggy. No...not the weather, but the problems that come from unemployment, poverty, etc... Most of the people do not have many problems, they just have a lack of a solutions.... kind of like being stuck in mud. Go slowly at first, or you just might lose your boots. Sticky weather, especially when most qualified workers know that there comes a time that you will be told that you are over-qualified, over the desired age, over the hill... and probably from over-seas, so you end up being the low-man on the totem-pole on the ladder of gainful employment. Time to step down. Then you have no choice but to take what comes, whether it be charity, manual labor and you have to accept with a smile, to be under-paid, undernourished and under alot of financial stress. This also usually ends up with alot of domestic disputes served for dessert. Again the years go by and poverty leaves its scars on you, some visible, others not, but just the same...a scar.

The Fall turns the colors of the landscapes and even the people start to chill out as Jack Frost pays us a short visit, declaring that Winter is here, slowing everything and everybody down. Now you are too old to get a job; too young to get a pension; too active to quit looking and too stubborn to just lay down and die. Hibernating in old age is not a solution, unless you have a pension. A small pension is a tough cookie to chew on, especially on an empty stomach, but it soon becomes a way of life. A prisoner of poverty only sees the light of hope as it slowly, but surely, fades away. At this stage, one begins to chill out and friendships begin to freeze up and death lays its hand on the rest.

The flow of life slows down until the outer shell is covered in ice, deep-frozen and not moving, just like a waterfall in deep winter. Deep inside there is still activity, but that is not visible to the eye... until the bright eyes of Spring casts her gaze upon the landscape of Life, waking her to another generation. Some even manage to weather a few more seasons. Most just pass away with a pocket full of mumbles, only to be replaced with another.

For those that find me to be a typical Canadian printer, all I can says is do not judge a book by its cover. Do not believe everything that you hear, remember to only believe in half of what you read, but most of all, believe in everything that you see... all 4 seasons of it. Long live Mother Nature.

*gen*

# Hättest du nur…

Diesen Spruch kenne ich zur Genüge, nicht dass er falsch wäre aber im Nachhinein nützt er eher wenig.

Nach so manchen Dummheiten in der Schule landete ich zuletzt im „régime professsionnel" und absolvierte ein CATP-Sekretariat. Dieses Zeugnis hatte so manchen Nachteil, erstens als Mann wurde man in diesem Bereich teilweise belächelt und zweitens waren die Möglichkeiten im Privatsektor eher gering wenn man nicht in der Buchhaltung arbeiten wollte. Trotzdem bewarb ich mich bei verschiedenen Firmen, wurde des Öfteren zu Vorstellungsgesprächen eingeladen, doch man bot mir keine Anstellung. Mein Traumarbeitsplatz war eine feste Stellung bei einer Bank, doch wegen des Fehlens einer Bankausbildung war dies mehr als schwer.

Mir wurde geraten, die Beamtenprüfung abzulegen als „Expéditionnaire-stagiaire". Die Dümmsten schaffen dies, also wirst du das auch, so jedenfalls wurde dies mir von allen Seiten gesagt. Ich verspürte keine große Lust, machte die Prüfung trotzdem und schaffte es sogar eine Praktikantenstelle zu ergattern. Zuvor musste ich noch eine theoretische Ausbildung auf dem „Institut de Formation Administrative" (IFA) ablegen. Nach 6 Monaten trat ich meine Arbeitsstelle an. Dort musste ich Schalterdienst verrichten, und dies ging einher mit Mobbing und vorsintflutlichen Arbeitsmethoden, zum Beispiel wurde alles noch von Hand aufgeschrieben. Ich wurde von einer Filiale zur anderen versetzt. Außer einer einigermaßen gutbezahlten Tätigkeit war der Dienst für mich eher eine Tortur. In Differdingen kam es zum ersten Eklat. Auf einmal fehlten ca. 48000 LUF, eine unvorstellbare Summe. Nicht dass man mir Diebstahl unterstellte, nein im Gegenteil man war der Meinung, dass ich ehrlich sei. Doch ich musste für den Fehler geradestehen und alles auf Heller und Pfennig zurückzahlen.

Doch danach nahm das Schicksal seinen Lauf. Ich wurde auf Schichtdienst gesetzt und hier war ein ziemlicher rüder Ton. Meine Bewertungen waren negativ was Teamarbeit anging und meine Arbeitsleistung wurde schlecht bewertet, Resultat: die Praktikantenzeit wurde nicht mehr verlängert.

Danach folgte ein Jahr Arbeitslosigkeit nebst staatlicher Unterstützung. So konnte ich dennoch ziemlich bequem leben und in aller Ruhe eine Arbeitsstelle suchen. Im Sommer 1991 ergab sich wieder die Möglichkeit die Beamtenanwärterprüfung abzulegen und ich habe bestanden. Dann ging alles wieder von vorne los: IFA, Probezeit u.s.w. Doch auch hier hatte ich meine eigenen Vorstellungen und war der Meinung gleich alles umkrempeln zu wollen. Nicht nur dies: ich geriet an falsche Freunde die mich überredeten mehr zu trinken als gut für mich war. So kam ich öfters ziemlich angetrunken zur Arbeit und benahm mich auch meistens daneben. So kam es wie es kommen musste: Nach drei Monaten wurde mir gekündigt. Ich versüßte mir dies zwar noch anschließend mit einem USA-Urlaub, doch nach meiner Heimkehr stand ich wieder auf der Straße! Alles meine Schuld versteht sich von selbst. Arbeitslosengeld bekam ich nur für drei Tage, da ich vorher zu lange arbeitslos war.

Dann kam die Rettung: ab 1. Juli 1992 bekam ich einen DAT-Vertrag, der eine gute Alternative bot: brauchbare Bezahlung ohne große Arbeitsanforderungen. Hier reizte ich diese Maßnahme aus und blieb volle 21 Monate. Ich suchte zwar nach geeigneten Stellen, da ich immer noch der Meinung war, den Traumjob zu finden, ein Trugschluss. Wieder bekam ich ab April 1994 Arbeitslosengeld, zwar etwas weniger aber auskömmlich. Nach einem dritten Anlauf um die Beamtenprüfung im Sommer 1994, war wieder alles paletti, so jedenfalls dachte ich. Ich meldete mich bei einer weiteren Verwaltung.

Doch da nahm das Schicksal seinen Lauf. Diese Verwaltung spielte mir einen Streich. Während ich das IFA besuchte, sagten mir zwei Bekannte, mein Name stünde nicht auf der Liste derer die ihren Dienst in dieser Verwaltung antreten sollen. Der Schock war groß, ich fragte nach und bekam eine lapidare Antwort: „Wir sind der Meinung, sie sind für diese Arbeit völlig ungeeignet. Wir haben bei Ihren vorigen Arbeitsstellen nachgefragt und so manche Information bekommen". Kurz und gut, ich hing in der Luft, bekam keine Beamtenanwärterentschädigung, da ich nicht offiziell angenommen war. So kämpfte ich um mein Geld, welches ich auch verspätet bekam.

Noch ein letztes Mal fand ich eine Arbeitsstelle. Dies ging in den ersten zwei Wochen auch gut, doch dann machte ich Fehler, wie jeder Neuling halt. Aber man unterstellte mir, dass ich gleich selbstständig arbeiten wollte obwohl ich dazu nicht in der Lage war. Man unterstellte mir schlechten Willen und behauptete gar ich wollte nur provozieren um wieder schnell arbeitslos zu werden. Das war das Ende meiner Laufbahn bei den öffentlichen Verwaltungen.

Als ich dann Arbeitslosengeld beantragen wollte, zeigte man mir die kalte Schulter, keinen Anspruch und damit basta. Außer einer kleinen Unterstützung von meiner Verwandtschaft und meinen Eltern hatte ich nichts. So war es endgültig mit dem Bäumchen-Wechsel-dich-Spiel vorbei. Ich bewarb mich zwar noch bei privaten Arbeitgebern, doch ohne Erfolg. Auch die kommunalen Betriebe zeigten mir die kalte Schulter.

Auf dem Arbeitsamt riet man mir Sozialhilfe zu beantragen. Dies war eine Option mit der ich mich nicht anfreunden konnte. So sträubte ich mich drei volle Jahre. Doch dann nahm ich all diese Bedingungen in Kauf. Ich musste meine persönlichen Vermögensverhältnisse offenlegen und wurde so zum gläsernen Bürger ohne die übrigen Freiheiten die ein RMG-Bezieher verliert, anzuführen.

Für mich gibt es jetzt keine richtigen Arbeitsverhältnisse mehr, nur AIPs. Ohne Freiheit und ohne sozialen Aufstieg.
Ich arbeitete bei verschieden Arbeitgebern wo ich unter Mobbing zu leiden hatte und null Entfaltungsmöglichkeiten hatte. Im Gegenteil, man gab mir zu verstehen, ich sei nur dazu da, Anweisungen zu befolgen und zu sonst gar nichts.

*JeF*



PHOTOCASE

Rejoignez-nous sur facebook
Join us on facebook
Werde Mitglied auf facebook

© photocase.com / ines89

# Ëmstellung

Mäi Papp huet de 15.10.1984 op der Arbed ugefaange mat schaffen. Hien ass een, deen ëmmer schaffe gaangen ass, egal wat war, en huet ouni Problem Schichte mat anere gewiesselt, déi de Moment fräi gebraucht hunn. Hien hat och dat Gléck net oft krank ze ginn a wann en eppes hat, da war et villäicht eng kleng Gripp! An dann ass en awer nach schaffe gaangen, wann et elo net sou schlëmm war oder hien ze vill Féiwer hat. Säin Hobby ass de Fussball, hien ass scho säit Joeren an engem Fräizäitclub. Do ass en och ëmmer zur Stell. Mäi Papp huet ze vill e gutt Häerz. Hie meckert net laang a mécht et einfach. Éierlech gesot, wär ech heiansdo frou seng Astellung ze hunn. Mä hie gesäit d'Aarbecht an da mécht hien se, hien ass frou eppes maachen ze kënnen. Hien ass guer net gemeet fir roueg ze sinn, also näischt ze maachen. Wa mäi Papp Congé hat, dann ass hien, an dat ass net gelunn, nervös ginn, well en net wousst, wat e maachen soll. En huet dann z. B. Saache gefléckt oder eppes opgeriicht, no den Autoe gekuckt, a wann dat gemeet war, da wousst en net richteg, wat ufänken. Et ass elo net sou gemengt, dass mäi Papp näischt wousst mat sech unzefänken, mä hien ass einfach nëmmen e Schaffpäerd. Wou aner Leit meckeren, dass hire Congé eriwwer ass, war mäi Papp frou erëm schaffen ze goen.

Mäi Papp huet vun 1984 bis d'lescht Joer op der Schmelz geschafft. Hien ass awer net entlooss ginn, mä e krut eng aner Plaz, awer e schafft nach fir d'Schmelz. Mäi Papp hat wierklech ni eppes Schlëmmes, menger Mamm, mär an och Frënn ass awer opgefall, dass, wa mir eppes zou him soten an mat him geschwat hunn, hien eis mol net héieren huet, a meng Mamm sot: „Oft héiers du net méi gutt!!!" An elo viru gutt 1 ½ Joer ass e mol bei den Dokter gaangen. No den Tester, wou den Dokter gemeet huet, ass do da schlussendlech festgestallt ginn, dass mäi Papp 70% vum Gehéier verluer huet. Si wëssen awer net duerch wat et konnt esou wäit kommen. Hie krut am Ufank mol en Hörapparat, mat deem hat hien awer dauernd Gepiips am Ouer, do ass en dowéinst bei den Dokter zeréckgaangen an deen huet him en 2ten dobäi ginn, also op dat anert Ouer, an der Hoffnung dass dee géif hëllefen! Et huet awer net wierklech gehollef an elo bleift him just nach eng Méiglechkeet an d.h. hie kritt elo méi e grousse wéi déi aner waren. A wann deen net hëlleft, war alles fir näischt a mäi Papp ass da fir näischt operéiert ginn. Hien ass dowéinst schonn op der Aarbecht schwaach gefall, ech war mir net bewosst, dass eis Oueren esou vill mat eisem Gläichgewiicht ze dinn hunn. Hie koum an d'Urgence an do goufen nach e puer Tester gemeet. No sou vill Joeren ouni eppes ze hunn oder besser gesot, näischt Schlëmmes ze hunn, huet en elo esou hefteg Problemer bis zum Enn vu sengem Liewen. Dat schlëmmst ass, dass mäi Papp sech schummt. Ech sot him, hie bräicht dat net, mä ech ka mech jo guer net a seng Lag eraversetzen, et deet mir just richteg Leed fir hien. Mäi Papp huet sech an deem Sënn verännert, dass hien dauernd bei d'Doktere lafe muss, an en ass generft duerch déi Apparater an et huet op seng Laun geschloen, en ass oft granzeg, meckert mëttlerweil vill méi wéi soss an e schummt sech.

*Cocoon*





# Zerplatzter Traum

Ben hatte einen Traum: er wollte Polizist werden.

Seit seiner Kindheit hat er viel Sport getrieben, Judo und Fußball waren seine Lieblingssportarten. Wie jeder junge Mensch hatte Ben viele Freunde, aber auch einige Neider, die immer wieder versuchten, ihm das Leben schwer zu machen. Vor allem war da ein Junge, Pol, der Ben beim Fußball immer absichtlich gefoult hat.

In der Schule hat sich Ben viel Mühe gegeben und seinen Abschluss hat er gut hingekriegt. Die theoretische Prüfung an der Polizeischule hat er ohne große Mühe bestanden, über die praktische Prüfung machte er sich gar keine Gedanken, denn in der Zeit war er wirklich topfit. Um diese Form bis zur Prüfung zu behalten, trainierte Ben seinen Körper jeden Tag und machte viel Sport. An einem Donnerstag, dem Tag, den Ben nie vergessen wird, während eines Fußballspiels wurde er wieder gefoult. Diesmal war es viel schlimmer als sonst: Pol ist mit voller Wucht auf Bens rechten Fuß gesprungen. Der Fuß brach an mehreren Stellen, dazu kam noch ein Bänderriss...

Die nächsten zwei Monate hat Ben im Krankenhaus verbracht. Nach drei Operationen ist es den Ärzten gelungen, Bens Fuß wieder herzustellen. Obwohl es immer noch weh tat, war das nicht Bens größte Sorge. Er dachte vor allem an seinen Traum, den er nie mehr verwirklichen konnte. Durch einen dummen Unfall oder vielleicht sogar durch böswillige Absicht, wurde Ben um seine erträumte Zukunft betrogen. Plötzlich musste er all seine Zukunftspläne ändern, sich etwas anderes ausdenken, um wieder nach vorne schauen zu können. Natürlich gibt es viel Schlimmeres, aber ist es nicht traurig, dass man schon mit 20 Jahren ganz abrupt all seine Träume aufgeben muss?

Heute ist Ben 23, fährt seit drei Jahren jeden Tag für 3 Stunden zur Rehaklinik und macht nur kleine Vorschritte. Laut seinem Arzt, wird Ben nie wieder normal laufen können. Nachmittags nach seiner Rehabilitation, muss Ben zur Schule, wo er eine wirtschaftliche Ausbildung macht. Wieder zu Hause ist er erst gegen 19 Uhr. Essen, lernen, baden, schlafen, essen, lernen, baden, schlafen......

Ist das ein Leben?

*eLKa*

© photocase.com / pixeldeluxe

# Ech hat alles...

**WAT A WÉI?**
Ech hat alles. Eng Wunneng, eng Aarbecht an eng Frëndin.
Deemools war ech nach e brave Jong, wéi ee seet.
Mat 18 Joer sinn ech vu mengen Eltere fortgaangen, fir mäi Liewen alleng op d'Rei ze kréien.
Am Ufank war et schéin, ech hat zwar och vill Problemer, mä ech hu mäi Bescht gemeet, an et war sécher net ëmmer einfach.
Mat 13 sinn ech op Dräibuer komm, well ech net an d'Schoul wollt goen.
Vun Dräibuer sinn ech ëmmer fortgelaf. Ech wosst am Ufank net wouhin, do sinn ech mol an d'Stad gefuer. Eemol an der Stad ukomm, do hunn ech Leit kenne geléiert, déi ech haut nach gesinn.
Fir mech ass dat haut ewéi meng Famill. Wann et mir schlecht geet, da weess ech wouhin, bei déi Famill.
Elo hunn ech 24 Joer, ech hat schonn en Appartement, eng gutt Aarbecht an och eng Frëndin, mat där ech zesumme gewunnt hunn.
Du sinn ech awer leider mat menger Frëndin auseneee komm, alleng konnt ech de Loyer net méi bezuelen, dunn hunn ech meng Aarbecht missten opginn, well ech keng Wunneng a keng Adress méi hat, do war alles op eemol fort.

**FAMILL**
Mat mengen Elteren hat an hunn ech säit mengen 18 Joer kee Kontakt méi.
Et ass scho 6 Joer hier, datt ech meng Elteren net méi gesinn hunn, ech hunn awer bis haut nach net de richtege Moment fonnt, fir erëm bei si ze goen, ech hat vill Problemer mat hinnen an ech sinn zimlech stur, ech weess och net, wou se am Moment wunnen, well se geplënnert sinn.

**(EX)FRËNDIN**
Mat 18 sinn ech mat menger elo Exfrëndin zesummekomm.
No 1 Joer sinn mir zesumme wunne gaangen, an engem zimlech schéinen Appartement, frou, dat war ech a stolz dobäi.
No 4 Joer zesumme wunnen, hu mir eis leider getrennt.
Meng Pai vun 1320 Euro ass du net méi duergaangen, fir mäi Loyer ze bezuelen, mäi Loyer war 880 Euro, dat ass net opgaangen.
Kee Kontakt mat der Famill, also sinn ech bei e Kolleg ënnerdaach komm, deen sou fei war mir unzebidden, bei him ënnerdaach ze kommen, do sinn ech haut nach.
Et ass sécher net schéin an einfach ëmmer op Kollegen ugewisen ze sinn, mä am Moment geet et net vill anescht.
Frou, datt se do sinn, dat sinn ech awer.
Elo probéieren ech mech awer erëm zesummenzerappen.

**ALKOHOL AN DROGEN**
Alkohol an Drogen sinn elo leider Alldag.
Moies opstoe mat engem Joint oder mat Béier, dat ass fir mech elo scho normal, da geet den Dag eréischt un. Ouni Joint oder Alkohol den Dag unzefänken ass fir mech net schéin.
Stolz a frou sinn ech net, mä owes hëllefft et mir awer beim Aschlofen oder fir op aner Gedanken ze kommen. Déi meescht Leit verstinn dat net.
Eng Sucht ass et fir mech nach net. D'Verlaangen ass awer do, an ech weess, datt wann ech esou weidermaachen, gëtt et eng Sucht.

**SCHLOFEN AN „AKOMMES"**
Ënnert der rouder Bréck, am Park oder an der Entrée vun engem Appartementshaus ze schlofen, dat ass sécher net dat Gielt vum Ee, ech hunn och ni gemengt, datt et esou wäit géing kommen. Ech sinn och ee vun deene Leit, déi am Squad a Clausen gewunnt huet, dat ware scho schéin Zäiten, mä et war mir bewosst, dass et net fir ëmmer wier.
Sonndes moies bei der Kierch ze stoen, dat war sécher och ni dat, wat ech wollt.
Ech muss et am Moment awer leider ëfters maachen, well ech soss keng aner Wiel hunn. En Akommes oder eng Schlofplaz sinn net einfach ze fannen.

**TRAUREG?**
Ob et onbedéngt traureg ass oder net, dat weess ech och net wierklech.
Vill Schold hunn ech sécher och drun, Feeler hunn ech och gemeet, datt et esouwäit komm ass.
Hëllef ass do och ëmmer gutt, mä fir mech ass et awer net ëmmer einfach Hëllef ze froen oder unzehuelen, well ech zimlech stur sinn a war.
Elo hunn ech schonn draus geléiert, mä ech muss awer och kucken alleng eens ze ginn.
D'Famill ass net méi do, dat war se och ni wierklech.
Elo hunn ech verstanen, datt ech och ouni si muss eens ginn a weiderkomme muss.
Einfach ass et net, mä ech muss, well ech et wëll an et souwisou net anescht geet.

**AL AARBECHT A LÉISUNG**
Momentan schaffen ech als Benevol op der Stëmm vun der Strooss.
Et ass keng fest Aarbecht, mä et ass besser ewéi näischt. Ech si frou, dass ech eng Beschäftegung hunn.
Ech hätt gären eng fest Aarbecht, mä de Problem ass, datt ech leider keng Adress a kee feste Wunnsëtz méi hunn, an ouni Adress kritt ee keng Aarbecht.
Op Hëllef sinn ech elo leider nach ugewisen, vu Bekannten oder Kollegen.
Mat 13 op Dräibuer a mat 15 an de Prisong. An de Prisong sinn ech komm, well ech ëmmer vun Dräibuer fortgelaf sinn a si net méi woussten, wat se mat mir maache sollten.
Einfach ass et da sécher net fir erëm virun- a weiderzekommen.
Ech hu mir sécher selwer vill verschass.
Weider a virukommen, dat wëll ech awer sécher. Schaffen dat hëllefft schonn, well eng Oflenkung ass bei mir ëmmer wëllkomm.
Ech schaffen elo Benevol mat deem Kolleg zesummen, bei deem ech och ënnerdaach sinn, also Oflenkung ass am Moment schonn do, frou mat der Aarbecht sinn ech sécher, hien och.
Benevole ass net fir ëmmer, am léifsten hätt ech haut nach eng fest Aarbecht an am beschten eng ewéi déi hei, ech weess awer och, dass dat hei bei der Stëmm vun der Strooss leider net geet.
Elo eng fest Aarbechtsplaz ze fannen ass sécher e laange Wee, et ass net einfach mä et ass awer ze paken. Et ass jo net fir d'éischt, awer hoffentlech fir d'lescht.

*Dimi*


© photocase.com / bananarama

## Opgepasst
op falsch Kollekten a falsch «Mataarbechter»

## Attention
aux fausses collectes au profit de la Stëmm vun der Strooss

D'Stëmm vun der Strooss deelt mat, datt si nach ni an och ni wäert Leit schécken, fir an hirem Numm Zeitungen ze verkafen oder einfach Suen opzehiewen.

Wann also ee bei iech doheem schellt a seet, hie wär e Mataarbechter vun der Stëmm vun der Strooss, gitt him w.e.g. keng Suen a sot der Police Bescheed.

L'association Stëmm vun der Strooss n'a jamais donné comme mission à ses bénéficiaires de faire du porte à porte en vue de collecter des fonds.

Si un jour une personne se présente chez vous pour vous demander de faire un don au profit de notre association, ne lui donnez rien et contactez immédiatement la police.

* * * * * * * * * * * * * * * * * *
* * * * * * * * * * * * * * * * * *

## Dr Stëmm consultations médicales gratuites

Consultations médicales gratuites deux fois par mois le mercredi après-midi dans les locaux de la Stëmm vun der Strooss 105, rue du cimetière L-1338 Luxembourg. Renseignements supplèmentaires au numéro: 49 02 60

Gratis medizinische Behandlung jeden zweiten Mittwoch nachmittags in den Räumlichkeiten der Stëmm vun der Strooss 105, rue du cimetière L-1338 Luxembourg. Zusätzliche Auskünfte unter der Nummer: 49 02 60



# E Projet
## mat der Maison Relais vu Mamer




*Mir hunn eis e puermol an der Maison Relais zu Mamer mat de Kanner getraff. Fir d'éischt si mir bei si gefuer an hunn d'Stëmm vun der Strooss virgestallt, an d'Kanner hunn eis ganz vill Froe gestallt… Eigentlech hunn se eis Lächer an de Bauch gefrot an dat war och gutt esou. Du si mir nach eemol bei si gefuer, fir mat hinnen zesummen ze baken. D'Kichelcher, déi do gebak gi sinn, ware fir d'Leit vun der Stëmm vun der Strooss. D'Kanner si moies mam Nancy a Paul laanscht komm, fir eis d'Kichelcher ze iwwerreechen an si hu sech d'Haus ugekuckt. Wéi mir bei hinne ware fir ze baken, hu mir dovu profitéiert, fir e ganze Koup Froen un d'Kanner ze stellen. Mä mir kruten der och vun hinne gestallt. Liest selwer:*

### „STELL DIR VIR"- FROEN UN D'KANNER

**Stell dir vir, du häss 1 Wonsch fräi. Wat géifs du dir wënschen?**
*Emma:* Also wann ech éierlech sinn, géif ech mir e Regal mat lauter Bicher wënschen.
*Ruben:* Dass et keng aarm Leit méi op der Welt ginn.

**Stell dir vir, du wäers vu muer un e Jong. Wat wär anescht?**
*Emma:* Villes wär anescht. Ech mengen awer, dass e puer Saache géifen nämmlecht bleiwen wéi z.B. Hobbyen.

**Stell dir vir, du wäers vu muer un e Meedchen. Wat wär anescht?**
*Raphaël:* Ech hätt méi laang Hoer, ech hätt awer nach ëmmer déiselwecht Elteren, ech hätt méi Frëndinnen ewéi Kollegen.
*Ruben:* Ech hätt lauter aner Kollegen a Kolleginnen, hätt dono e Mann gär, hätt och nach ëmmer déi nämmlecht Elteren, wär villäicht méi staark oder manner staark an ech géif aneschters ausgesinn.

**Stell dir vir, du gewënns am Lotto. Wéi géif däi Liewe weiderhin ausgesinn?**
*Raphaël:* Ech géif villäicht all zweete Mount eng Këscht mat Iessen an Afrika schécken, da géif ech mir nach en Haus kafen.
*Ruben:* E puer Suen an Afrika ginn, nach e bëssen de Leit op der ganzer Welt hëllefen a mam Recht vun de Suen villäicht en Auto kafen oder en Haus.
*Bea:* Ech géif den Aarmen e bësse Sue ginn.

**Stell dir vir, du wäers ouni Doheem an häss keen Daach iwwert dem Kapp a wäers ganz alleng?**
*Emma:* Ech géif bei iech iesse kommen an ech géif op der Strooss wunnen an ech géif mech villäicht ganz schlecht fillen.
*Raphaël:* Ech wär traureg a géif froen, ob dir mir kéint hëllefen an ech géif bei iech iesse kommen.
*Ruben:* Da géif ech op Bouneweg bei iech kommen an Hëllef froen. Ech géif probéieren, méiglech vill Iessen ze kréien.



### FROEN IWWERT DE PROJET VUN DE KANNER FIR D'STËMM VUN DER STROOSS

**Wat hutt dir fir d'Stëmm vun der Strooss gemaach?**
*Emma:* Mir hunn um Chrëschtmaart Kichelcher an esou gebak. Mir hu gebastelt an d'Saache verkaaft.
A wat hutt dir gebastelt?
*Emma:* Kleng Kugelen aus Stoff an dono hunn mir Papier mâché ronderëm gemaach, fir dass et hält.

**Wéi hutt dir iech op de Chrëschtmaart virbereet?**
*Emma:* Mir hunn Aktivitéite gemaach, mir hu gebak an och gebastelt.

**Wéi vill hu beim Projet matgemaach?**
*Emma:* Et ware vill Kanner aus verschiddene Klassen. Vun der Spillschoul bis d'sechst Schouljoer.

**Wou mir bei iech komm sinn, fir iech d'Stëmm virzestellen, war dat dann esou wéi dir iech et virgestallt hat?**
*Emma:* Jo e bëssen. Ech hat mir scho virgestallt, dass mir Biller kucken, doriwwer schwätzen a Froe stellen.

### FROEN UN EIS

**Hutt dir Spaass un ärer Aarbecht?**
*Wouter:* Jo, ech hu Spaass un der Aarbecht, mir hu vill Ofwiesslung.

**Wat géif där maachen, wann dir géift am Lotto gewannen?**
*Wouter:* Ech géif mech direkt an de Fliger sëtzen a wär fort. Ech géif villäicht och nach eng Residence baue loossen a bëlleg verlounen.
*Jeff:* Ech géif d'Suen emol op de Kont setzen an eemol duerchootmen, fir dat Ganzt emol ofzebauen. A mir déi Saach mol duerch de Kapp goe loossen.
*Caroline:* Ech géif mol meng Scholden ofbezuelen an da géif ech fir mäi Kand eppes op d'Säit leeën a villäicht en Haus kafen, fir dass mäi Bouf spéiderhin ofgeséchert wär.

**Wann dir nach eng Kéier géift op d'Welt kommen! Wat géif dir an ärem Liewen aneschters maachen?**
*Wouter:* Ech géif d'Schoul vill méi serieux huelen, dat wär scho mol en Ufank. Et wär villes anescht.

**Raphaël: Dir hätt elo z. B. zwou Këschte mat Iesssaachen. Awer dir selwer hätt och net vill, wéi géift dir et da maachen?**
*Wouter:* Ech géif bridderlech deelen.

**Raphaël: Wann dir vill Suen hätt, géif dir iech da selwer en Haus kafen oder géift dir den Aarmen eent kafen?**
*Wouter:* Dat hänkt dovunner of! Wann ech selwer nach keen Haus hätt, da géif ech mir mol fir d'éischt eent kafen. Wann ech en Haus hätt, da géif ech deenen aneren en Haus kafen.
*Caroline:* Ech géif et da verlounen u Leit, déi sech et leeschte kënnen. Déi net sou vill Akommes hunn.

**Villmools Merci fir d'Äntwerten an d'Froen a fir déi flott Zesummenaarbecht!!!**

# COOLtour



© Peter Miller

Im Dezember 2012 entdeckte ich per Zufall in einer Illustrierten, dass am 9.Januar Hilary Hahn ein Konzert in der Philharmonie geben würde. Dies lasse ich mir nicht entgehen dachte ich, und bewarb mich online um eine Karte bei der Philharmonie für den Preis von 42 Euro, Vorverkaufsgebühr eingeschlossen. Ich gebe zu, dies scheint ein bisschen teuer, ist es auch für die meisten Kleinverdiener. Doch ich habe es mir gegönnt, nur einen Haken hatte die Sache schon, mit dem Kulturpass kam man nicht herein, es gab nur eine Ermäßigung für Studenten, aber diese kam natürlich nicht in Frage für mich.

Am Mittwoch dem 9. Januar war es endlich soweit. Um 20.15 Uhr fing das Konzert endlich an. Die Geigerin Hilary Hahn, Jahrgang 1979, ist deutschen Ursprungs. Sie spricht fließend Englisch, Deutsch und Französisch.

Sie gab ihr ganzes Können zum Besten. Sie spielte Stücke, angefangen vom Barock bis zur Neuzeit, in ihrer eigenen Interpretation volle zwei Stunden lang. „Wir haben noch eine Zugabe" sagte sie zum Schluss und spielte dann ein letztes Stück, alles mit ihrem unnachahmlichen Können.

Ich kann jedem interessierten Musikfreund nur empfehlen sich ein Konzert von Hilary Hahn anzusehen. Dieses Ausnahmetalent, in ihren Ansprüchen sehr bescheiden, hat die Chance, die zweite Anne Sophie Mutter zu werden.
Ich weiß, der ganze Abend hat mich über 50 Euro gekostet, aber es war die Sache wert. Es wäre natürlich besser gewesen, eine Karte mit dem Kulturpass zu bekommen. Auch die Philharmonie ist ein Besuch wert und leicht mit öffentlichen Transportmitteln zu erreichen.

*JeF*

Rejoignez-nous sur facebook
Join us on facebook
Werde Mitglied auf facebook



# Klick

**D'Marie vun Heesdrëf huet mat de Leit vun der Stëmm vun der Strooss gedeelt. Hat huet Suen an Séissegkeeten déi bei der Fuesent opgeraf gi sinn un eis geschéckt fir datt mir et un d'Leit weiderginn. Dëst schéint Bild huet hatt eis och gemoolt.**
**Villmools Merci Marie!**







**DSchülerinne vum Fieldgen ënnerstëtzen d'Stëmm vun der Strooss. Si koume kachen, hunn eng Brochure fir eis ausgeschafft a gedréckt an si hunn eis och nach Kleeder bruecht.**
**Merci villmools!**

**INVITATION AU RESTAURANT ASTORIA À KAYL**

**Ils étaient 35 de l'atelier Schweessdrëps et des ateliers de réinsertion professionnelle situés au 32 Grand-Rue à Esch-sur-Alzette à avoir accepté l'invitation lancée par Giuseppe Parrotta et Moises Morgado du Restaurant Astoria à Kayl. Après l'apéritif maison, ils ont pu déguster un menu de fête : assiette italienne, escalope alla valdostana, tiramisù à la mangue et café.**





# Klick



**LIONS CLUB ESCH LÄDT ZUM FEIERLICHEN MITTAGESSEN EIN**

**Am 13. Januar 2013 lud der Lions Club Esch in Zusammenarbeit mit der Stëmm vun der Strooss Esch zum dritten Mal zu einem feierlichen Mittagessen im Pfarrhaus in Esch/Alzette ein.**

Nach den verschiedenen Feierlichkeiten zum Jahresende, wird der Januar für viele sozialbenachteiligte Menschen zu einem langen und einsamen Monat. Unter anderem aus diesem Grund entschloss sich der Lions Club Esch bereits 2011 im Rahmen des europäischen Jahres der Freiwilligentätigkeit einen Beitrag zu leisten und ein feierliches Mittagessen für die Besucher der Stëmm vun der Strooss zu organisieren. Am dritten Sonntag diesen Jahres ab 12 Uhr mittags fanden sich rund 120 Personen im Pfarrhaus in Esch/Alzette ein, um mit Freude und gutem Appetit von diesem großzügigen Angebot Gebrauch zu machen. 25 Freiwillige des Lions Club servierten ein selbst zubereitetes 3 Gänge Menü. Auf dem Speiseplan stand in diesem Jahr Kürbissuppe als Vorspeise, der Hauptgang setze sich aus Kalbsragout, Pommes Frites und Erbsen mit Möhren zusammen. Selbstgebackener Apfelkuchen und Schokoladenmousse bildeten den krönenden Abschluss. Daneben gab es 1 Glas Wein sowie alkoholfreie Getränke und Kaffee nach Wunsch. Für ein musikalisches Rahmenprogramm war gesorgt, das einige zum Tanzen bewegte. Angesichts des großen Erfolgs erklärte sich der Lions Club Esch bereit, ein solches Mittagessen Anfang nächsten Jahres zu wiederholen.







**SWEET HOME – DOHEEM ZU LËTZEBUERG**

Im Sommer 2012, hat die Fondation Thierry van Werveke 30 Wegwerfkameras an Kunden der Stëmm vun der Strooss und Abrigado verteilen lassen. Sie dokumentieren ihr Leben, ihren Alltag und ihren Blick auf Luxemburg. Aus rund 600 Fotos wurden über 60 von einer Jury ausgewählt und in Ausstellungen in der Abtei Neumünster, dem Bahnhof in Luxemburg-Stadt und im Bahnhof Belval-Université gezeigt.
Das Buch zur Ausstellung kann zum Preis von 25 EURO über www.umo.lu oder www.fondationtvw.lu bestellt werden. Der Erlös dient der Finanzierung von Projekten die die Fondation Thierry van Werveke unterstützt.

**Vernissage de l'exposition „Sweet Home" au CCRN 8 février 2013**










# Klick




**Vernissage de l'exposition „Sweet Home" 7 mars 2013 en Gare de Luxembourg « Gare & Solidarité »**



















**Här Frising:**
Vun der Ausstellung erwaarden ech mir, datt d'Leit, déi duerch d'Gare ginn, akzeptéieren, dass och aner Leit do sinn. D'Ausstellung ka vläicht drop hiweisen, mir sinn eng Gesellschaft, déi eng an déi aner zesummen.
D'Fotoe schockéiere mech net, mä ech fannen si si realistesch.

**Här Waringo:**
Ech erwaarde mir vun der Ausstellung, datt d'Leit sensibiliséiert ginn. Déi Villfalt vu Leit soll a muss zesumme liewen, an duefir muss jiddereen tolerant sinn! Et ass vu jidderengem e bësse verlaangt. An ech fannen, dass dat op der Gare Lëtzebuerg a leschter Zäit ganz gutt geet!
D'Stëmm vun der Strooss huele mir fir de Catering ze maachen, well dir dat gutt maacht a well et klappt. Dat huet näischt mat Sozialhëllef ze dinn. mä dat, wat dir maacht als Catering, dat heescht d'Iessen, dat ass gutt. Dir weist Asaz an ouni datt dir vill Ophiewes maacht, klappt et. Dir hutt et jo scho puermol fir eis gemaach a waart ëmmer present.
(am Laachen) Ech hu scho puermol gesicht fir eppes Negatives ze fannen an ech hunn näischt fonnt!

**Milène:**
Ech sinn heihi komm, well mech Photographie interesséiert an ech mech och selwer domat beschäftegen. Mat der Ausstellung kann een eppes erreechen, well ee Bild ganz vill ausseet an een eppes dobäi fillt.
Mech stéiert d'Keelt, déi verschidde Leit hunn, a mengen, hinne kéint dat net geschéien, datt et hinnen op eemol schlecht geet. Si sinn sech net bewosst, dass et jidderengem ka geschéien zu all Moment. Deene Leit soen ech ëmmer, dass si solle frou sinn, dass et hinne gutt geet. Si sollen net vergiessen, dass si villäicht d'Chance haten, Leit ze hu ronderëm, déi gemaach hunn, dass et hinne gutt geet. Si sollen net soen, dat ka mir net geschéien an dass déi Leit selwer Schold dru sinn. Well dat ass ganz oft net esou.

# Info

Die Mitglieder der Redaktion der Stëmm vun der Strooss sind wieder «on air». Sie präsentieren ihre Sendung D'Stëmm vun der Strooss: Informatiounen vun der Strooss vir d'Leit op der Strooss, jeden zweiten Monat am ersten Dienstag von 18:30 bis 20:00 Uhr auf Radio ARA 103,3 und 105,2 FM.

Retrouvez toute l'équipe rédactionnelle dans l'émission D'Stëmm vun der Strooss: Informatiounen vun der Strooss vir d'Leit op der Strooss, diffusée un mois sur deux, le premier mardi du mois, de 18 heures 30 à 20 heures, sur les fréquences 103,3 et 105,2 FM de radio ARA.

RADIO ARA
La fréquence
de toutes les couleurs

Stëmm vun der Strooss



**Stëmm vun der Strooss asbl**
105, rue du Cimetière
L-1338 Luxembourg
Tél. (00352) 49 02 60
Fax (00352) 49 02 63
stemm@stemmvunderstrooss.com
www.stemmvunderstrooss.com


LUXEMBOURG




ESCH SUR ALZETTE


32, Grand-Rue
L-4132 Esch-sur-Alzette
Tél. (00352) 26 54 22
Fax (00352) 26 54 22 27
esch@stemmvunderstrooss.com
www.stemmvunderstrooss.com



**Equipe rédactionnelle :**
Tania Draut, Cocoon, JeF, eLKa, gen, Patrick, antony, dimi, Wouter, Leon

**Photos :**
Stëmm vun der Strooss

**Correction :**
Lëtzebuergesch Sprooch an Orthographie: Christiane Ehlinger

**Layout :**
**thelen** | werbeagentur
www.thelen-werbeagentur.de

**Impression :**
Polyprint, 44, rue du Canal
L-4050 Esch/Alzette


**Abonnement et soutien**
Vous pouvez soutenir nos actions en choisissant l'une de ces formules :

| | |
|---|---|
| Abonnement journal + carte de membre : | 20 € |
| Abonnement journal : | 15 € |
| Carte de membre : | 10 € |

en versant la somme correspondante sur le compte LU63 0019 2100 0888 3000 auprès de la BCEE

D'Stëmm vun der Strooss vient d'obtenir le statut d'utilité publique par arrêté grand-ducal du 29 août 2003. Vous pourrez désormais déduire des impôts les dons que vous nous aurez faits.


**Rédaction :**
105, rue du cimetière
L-1338 Luxembourg
Tel. 49 02 60
Fax: 49 02 63

redaktion@stemmvunderstrooss.com
www.stemmvunderstrooss.com


Stëmm vun der Strooss asbl est conventionnée avec le Ministère de la Santé et travaille en étroite collaboration avec la Croix Rouge luxembourgeoise.

Les articles signés ne reflètent pas nécessairement l'opinion de l'association.

Parution cinq fois par an.